SCHOUL HELPERKNAPP

Am Kader vum Schoulsportdag organiséieren d'Kanner zesumme mat den Enseignantë vum Campus Helperknapp freides de 24. Mäerz 2023 ee

# Spendelaf fir den Télévie

Mat dësem Laf sammele mir souvill wéi méiglech Geld fir d'Recherche géint de Kriibs a speziell d'Leukemie bei de Kanner hei zu Lëtzebuerg z'ënnerstëtzen. All Kand soll deen Dag schonn a Sportskleedung (Kleeder a Lafschung dem Wieder ugepasst) kommen.

**Prinzip vun der Course:**

- Wärend enger halwer Stonn probéieren d'Kanner sou vill Ronne wéi méiglech ze packen. D'Kanner aus dem C1 an C2 lafe ronderëm de syntheteschen Terrain (C1 den Tour vun 220m an C2 den Tour vun 320m). D'Kanner aus dem C3 an C4 lafe ronderëm d'Campusgebai (ongeféier 600m).
- D'Kanner siche Lafpätteren a Lafgiedelen, déi sech bereet erklären hinne fir all Ronn, déi si gepackt hunn, e gewësse Montant ze spenden.
- Nom Laf ginn all d'Giedelen a Pättere per Bréif vum Kand informéiert wéi vill Ronnen d'Kand gelaf ass.
- D'Lafgiedelen a -pättere sollen da bis de 17. Abrëll hiren Don entweder
  - op folgende Kont **BCEE: LU63 0019 7255 1111 5000** maache mat der Mentioun **Spendelaf Télévie**
  - oder e Payconiq maachen andeems si folgende QR-Code scannen
- Zum Schluss vum Kalennerjoer kritt all Donateur och e Certificat vu dass dës Spende steierlech ofsetzbar sinn(falls méi wéi 10 €).

D'Kanner an d'Léierpersonal soen elo schonn e grousse MERCI fir Är Ënnerstëtzung.

Dës Souche soll d'Kand senger Léierpersoun bis spéitstens den 20. Mäerz ofgi fir dass mir wësse wéi vill Certificate mir dem Kand nom Spendelaf mat Heem ginn.

## Lëscht vum Kand senge Lafgiedelen a Lafpätteren

**Numm vum Kand : ______________________**

| | Numm a Virnumm vun de Lafgiedelen a -pätteren | Sou vill Euro wëll ech pro Ronn spenden | Sou vill Euro wëll ech am Ganze maximal spenden | Ënnerschrëft |
|---|---|---|---|---|
| **1** | | € | | |
| **2** | | € | | |
| **3** | | € | | |
| **4** | | € | | |
| **5*** | | € | | |

***Du kanns esouvill Lafgiedelen a Lafpätteren eraussiche wéi s du wëlls.**